

géife fannen, fir dat och méi ze preziséieren.

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, villmools Merci an ech ka mä Chrëschtkado also elo ënnert de Chrëschtbeemche siche goen.

Merci.

■ **M. le Président.** - Merci, Madame Minister. Mir kommen dann zur Ofstëmmung.

(Interruption)

Ah pardon, den Här Braz freet d'Wuert nach.

■ **M. Félix Braz** (*DÉI GRÉNG*).- Just ganz kuerz. Den Här Frieden huet de Projet de loi vun der Coparentalité rappeléiert. Déi Motioun, déi mir maachen, déi geet jo iwwert dat eraus, well dee Projet betrëfft nëmmen d'Feld vum Divorce an eis Initiativ an der Kommissioun soll jo all d'Kanner englobéieren, dofir ass dee Verweis op Äert Gesetz nëmmen eng onkomplett Äntwert op eis Motioun. Si ass also domadder net sans objet.

■ **M. Luc Frieden**, *Ministre de la Justice*. - Ech hu gesot, ech wär mat där ganzer Motioun d'accord.

■ **M. le Président.** - Ass et gekläert?

(Assentiment)

Da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 4843 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullén, MM. Marcel Glesener (par Mme Nancy Arendt), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Marie-Josée Frank), Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Fernand Diederich), Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Ben Fayot);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens (par M. Emile Calmes), Henri Grethen, Paul Helming (par M. Henri Grethen), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par M. Camille Gira), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Félix Braz), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Motion 1

Da komme mer zur Motioun, déi den honorabelen Här Mosar erabruecht huet. Kënne mer iwwert déi Motioun par main levée ofstëmmen?

■ **Plusieurs voix.** - Jo.

■ **M. le Président.** - Wie fir déi Motioun ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Ech gesinn, d'Motioun 1 ass à l'unanimité ugeholl.

Mir kommen dann zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass de Projet de loi relative à l'affectation du résultat du compte général de l'exercice 2003. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Ageschriwwé si bis elo: den Här Grethen, den Här Fayot, den Här Bausch an den Här Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

2. 5398 – Projet de loi relative à l'affectation du résultat du compte général de l'exercice 2003

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

■ **M. Lucien Thiel** (*CSV*), *rapporteur*. - Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, säit der viregter Regierung ass d'Affektatioun vun den Iwwerschëss aus de Konten zur Regel ginn. Do ass eng Traditioun begrënnt ginn, déi scho bal zur Routine ginn ass, déi awer haut riskéiert zu engem historesche Moment ze ginn.

Firwat? Mä ganz einfach, well et vläicht haut fir laang Zäit fir d'lescht ass – hoffentlech net fir laang Zäit –, dat mer nach esou Iwwerschëss kënnen affektéieren. Also deen historesche Moment, deen ergëtt sech ganz einfach aus engem luesen Ofruitsche vun den Iwwerschëss an e Lach, an en Defizit.

■ **Une voix.** - Geet et elo besser?

(Interruption)

■ **M. Lucien Thiel** (*CSV*), *rapporteur*. - Nom Sege vun 1999 hate mer nach en dräistelligen Iwwerschoss, 2000 hate mer och nach en dräistelligen Iwwerschoss, 2001 hate mer nach en dräistelligen Iwwerschoss, mä du koumen déi éischt Wolleken. 2002 war en nëmme méi zweestelleg, 59 Milliounen – dat waren natierlech déi béis Banken, déi hunn op eemol nëmme 680 Millioun Steiere bezuelt amplaz 920 dat Joer virdrun –, an 2003 sinn et 79 Milliounen. Wéi et weidergeet, wësst Der. Dir hutt jo gëschter e Budget gestëmmt.

■ **Une voix.** - Neen, neen!

■ **M. Gast Gibéryen** (*ADR*). - Mir net, Dir hutt e gestëmmt!

■ **M. Lucien Thiel** (*CSV*), *rapporteur*. - Dir hutt en net gestëmmt, bon. Dir wësst awer wéi et weidergeet.

■ **M. le Président.** - Deen ass ofgestëmmt ginn, huet den Här Thiel gemengt.

■ **M. Lucien Thiel** (*CSV*), *rapporteur*. - Ech huelen un, dat Dir en connaissance de cause gestëmmt hutt. 2004 hu mer e Lach vun 154 Milliounen, 2005 eent vun 107 Milliounen, an 2006, wann et sech da sollt esou erweisen, wéi de Budgetsminister et geplangt huet, da wären et 300 Milliounen. Ech wär frou, wann et keen historesche Moment haut géif ginn. Mä wéi gesot, dat kënnen mir net eleng hei décidéieren.

Wou si mer elo? Majo, ganz einfach, mir haten, oder Dir hat – well ech war deemools net dobäi – e Budget votéiert fir 2003, wou fir d'éischt en Iwwerschoss vu 542 Milliounen virgesi war, an duerno ass deen e bësse geschmolz, well de Service vum Ombudsmann nodréiglech dragesat ginn ass, do ware mer op 400 Milliounen ongeféier. Den definitive Budget war

awer du schonn e bësse méi kleng ginn, deen huet bal keng Hoffnunge méi op en Iwwerschoss gemaach, a finalement ass et awer esou, dat d'Konten et erweisen, dat en Iwwerschoss vun 79 Milliounen do ass.

Wou deen hierkënnt: Dir hutt dee Budget verfollegt, Dir hutt e gestëmmt gehat; ech mengen, ech brauch weider net op d'Detailer anzegoen. Et gesäit ee just, wann ee kuckt, wou de Plus a wou de Minus komm ass, dat et ëmmer nach ganz schwéier ass, d'Recettë wierklech prezis ze schätzen. Mä dat ass näisch Neies. Ech mengen, eise Budgetsminister kann eis och do e Liddchen dovun sangen. Et ass net virauszesoen, genee virauszesoen, wéi d'Recettë sech entwéckelen.

Also, wéi gesot, ënnert dem Stréch hu mer 79 Milliounen, ganz genau hu mer 79.330.493,57 Euro. Do huele mer dann d'Mënz ewech an déi gëtt an d'Keess geluecht. D'Mënz, dat sinn 330.493,57 Euro. Dat ass e bëssen de Fond de caisse, dat heescht an eisem Langage: Report de solde des recettes et des dépenses courantes et en capital. Bleiwen dann 79 Milliounen Euro genau. An déi ginn traditionsgeméis erëm eng Kéier an d'Fongen iwwerweisen, an d'Investitiounsfongen, déi mer jo och als Annex vum Budget hunn an déi souguer no Bréisseler Liesaart musse mat an d'Rechnung geholl ginn.

Elo huet een d'Méiglechkeet dat op méi Fongen ze verdeelen, an de Statsrot huet och drop higewisen, datt fréier do eng méi breet Verdeelung gemaach ginn ass, datt virun allem déi Fonge mat engem soziale Charakter Preferenz haten. Dës Kéier ass et esou, datt et net allze vill ass – 79 Milliounen sinn net allze vill –, an duerfir ass gemengt ginn, et soll een déi prioritär nëmmen op zwee Fonge verdeelen. Vun deenen zwee Fongen ass een de Fonds pour l'Emploi, wou een einfach muss duerfir suergen, datt en ëmmer genuch Ressourcen huet, fir de Chômage ofzedecken. Dir wësst, datt deen net zrëckgaangen ass. Duerfir géif dann een Deel an de Fonds pour l'Emploi goen, an deen aneren Deel an de Fong fir d'öffentlech Schold.

Firwat an de Fong fir d'öffentlech Schold? Mä d'öffentlech Schold huet nach e Rescht aus der Vergaangenheet, an dat sinn déi Engagementer, déi de Stat iwwert d'OLUXen agaangen ass. Dat war nach alles a Lëtzebuerger Frangen, an déi zwou lescht Tranchen dovunner, déi solle gedillégt ginn, an dofir bräicht den Trésor déi Suen, fir déi Schold dann definitiv ze dillegen.

Voilà, mir sinn also an der Situation elo, déi zwee Fongen zousätzlech ze dotéieren, wéi gesot, leider vläicht fir laang Zäit fir d'lescht, mä vu datt déi Affektatioun enger Nécessitéit entsprécht, vu datt se gutt verwennt wäert ginn, kann ech nëmmen deem Haus hei recommandéieren, dee Projet ze stëmmen.

Ech bréngen och den Accord vu menger Fraktioun, an ech kombinéieren dat mat der Hoffnung, datt mer iergendwann eng Kéier et erliewen, datt mer nach eng Kéier erëm Affektatiounen hei kënnen maachen. Här Budgetsminister, Dir hëlleft eis jo do derbäi.

Merci.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. le Président.** - Merci, Här Thiel. Éischte Riedner ass den honorabelen Här Grethen. Här Grethen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

■ **M. Henri Grethen** (*DP*). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir haten eng laang Diskussioun bei eis an der Fraktioun, wien zu dësem Projet soll schwätzen. An et ass duerno gemengt ginn, dass e fréiere Regierungsmitglied soll Stellung huelen zu deenen Altlasten, déi déi viregt Regierung dëser Chamber hannerléisst.

(Hilarité)

Dir verstitt, Här President – de Rapporteur, deem ech wëll fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport félicitéieren, huet vun engem historesche Moment geschwat –, dass ech dësen historesche Moment nach eng Kéier wëll op der Chambertribün genéissen, well zwëschen 1999 an 2004, wou meng Partei mat der Chrëschtlech-sozialer Vollekspartei an enger Koalitioun war, hu sämtlech Budgete mat engem Iwwerschoss ofgeschloss, an och an deene fënnef Joer huet keen eenzegen Emprunt brauchen opgeholl ze ginn.

■ **Une voix.** - Très bien!

■ **M. Henri Grethen** (*DP*). - A mir haten eis virgeholl, Här President, wéi mer an déi Regierung eragaange si mat eisem deemolege Koalitionspartner, dass mer souwuel d'Recettë wéi d'Dépense méi virsichteg géifen aschätzen, wéi dat an deene Jore virdu war, dass mer géife versichen, esou no wéi méiglech bei d'Endresultat vun de Konten ze kommen. Ech mengen, dass eis dat am Laf vun de Joren ëmmer besser gelongen ass.

(Interruption)

Mir waren, Här President, och ëmmer ganz virsiichteg. Mir waren eng Kéier an engem grenzelosen Optimismus, wéi mer all deene gegleeft haten, déi gesot hunn: „The sky is the limit“, wou mer gemengt hunn, dass d'Beem géifen an den Himmel wuessen. Do hate mer Wirtschaftsprogressiounen, Progressiounen vun eisem Produit intérieur brut virgesinn, déi sech herno net realiséiert hunn. Duerno si mer awer méi virsiichteg ginn, an ech ka mech nach erënneren, wéi verschidden Oppositounssprecher fir de Budget 2003 hei den Däiwel un d'Mauer gemoolt hunn a gesot hunn, dass dat niddregt Wirtschaftswuesstum, wat mir ageschätzt hate fir d'Opstellung vum Budget, net géif anrieden, mä dass et nach drënner wier.

Ech sinn duerfir frou, dass déi Previsiounen, op deene mer dee Budget opgebaut haten, wäit iwwertraff gi sinn, an dass d'Joer 2003 ënner schwierlegsten Émstänn mat engem Wirtschaftswuesstum vun 2,9% ofgeschloss huet.

Dir verstitt also, Här President, meng Satisfaktioun, fir kënnen hei Stellung ze huelen zu deenen Zuelen.

Gläichzäiteg stellt sech awer eng Fro, déi de Rapporteur och opgeworf huet: Ass déi Affektatioun elo an déi zwee Fonge richteg oder net? Ech si mat där Affektatioun d'accord, engersäits fir de Fonds pour l'Emploi an op där anerer Säit, fir och eis Scholden zrëckzebezuelen.

Mä op där anerer Säit, wann ech dat gewosst hätt viru Wochen, wat ech zënter de Moie weess, wou den Transportminister eis an der Transportkommissioun Undeitunge gemaach huet, wat déi Eisebunnstripartite kascht, wann ech do héieren, dass eleng seng Iddien, fir eng Rei Immobilié vum der Eisebunn ofzekafen an an de Fonds du rail ze iwwerféieren, 120 Milliounen Euro minimum kascht; wann ech héieren, dass mer och nach sollen do a Material investéieren, wat scho kaaft ass, mä wat soll bezuelt ginn – Ordre de grandeur 30 Milliounen Euro -; a wann ech mer dann nach Gedanke maachen iwwert déi Méiglechkeeten, déi een der Eisebunn muss ginn, fir déi Méilaaschten ze droen, déi aus dem Ënnerscheed zwëschent deenen zukünftege Léin an deenen ale

Léin wäerten entstoën, da kann een domat rechnen, dass dat awer d'Grenz vun den 200 Milliounen iwwert déi nächst dräi Joer verdeelt wäit wäert iwwerschreiden.

A wann een dat weess, dann hätt ee sech eigentlech missen d'Fro stellen – mä well mer déi Affektatioun elo esou décidéiert hunn, stinn ech dozou –, ob et net besser gewiescht wär, déi Suen elo alleguer ze halen, fir se an d'Richtung vun de Resultater vun der Eisebunnstripartite unzeleeën, iwwert déi mer d'nächst Woch wäerte schwätzen. Wann et zu engem Ofschloss kënnt, wäerte mer jo dann och Zuelen heihinner kréien.

Well, de Minister Frieden huet gëschter, Här President, hei zu Recht ënnerstrach, dass déi viregt Koalitioun zwëschen 1999 an 2004 um Ofschloss vun hirer Mandatsperiod méi Suen an der Keess gelooss huet, wéi se der virfonnt hat, da fäerten ech, dass bei all deene Saachen, déi do op eis duerkommen, d'Keesen awer definitiv wäerten eidel sinn. Ech fäerten, Här President, dass et fir d'lescht fir laang Jore war, dass mer iwwer Iwwerschëss diskutéieren hei an der Chamber. Ech sinn awer iwwerzeegt, wann eng Kéier erëm d'Demokratesch Partei an d'Regierung kënnt,...

(Interruptions et hilarité)

...da wäerten och erëm Iwwerschëss an de Keese sinn.

Meng Partei, op alle Fall, Här President, wäert dëse Projet, deen zu eisen...

(Interruptions et hilarité)

Här President, am Intérêt vum Land wier et, well et wier esou séier wéi méiglech, léiwer haut wéi muer!

(Hilarité)

Mä awer, Här President, mir wäerten zu dësen Altlasten also mat ganz vill Satisfaktioun eis Zoustëmmung ginn.

■ **Plusieurs voix.** - Très bien!

■ **M. le Président.** - Merci, Här Grethen. Nächste Riedner ass den Här Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Ben Fayot** (*LSAP*). - Här President, ech muss soen, ech bewonneren den Här Grethen...

(Hilarité)

...a sengem iwwerscheimenden Optimismus iwwert d'Gestioun vun där viregter Regierung.

■ **Une voix.** - Dat misst een nommaachen!

■ **M. le Président.** - Oh, si kommen nach duerhin.

■ **M. Ben Fayot** (*LSAP*). - Deen Optimismus ass ëmsou manner berechtigt, well wann een dee Corrigendum kuckt, dee mer zu dem Budgetsrapport dës Kéier iwwerreicht kritt hunn, da gesäit ee ganz kloer, dass 2003 de Budget no de Maastricht-Kritäre vun der Administration centrale ëm 1,7% am Defizit war. Also minus 1,7% am Joer 2003, esou dass et also, wann een d'siwent Aktualisatioun vum Pacte de stabilität kuckt, keng Ursaach gëtt, fir haut réckwierkend Hurra-Geschrei auszedrécken. Ech mengen, dat ass ee Punkt, deen ee soll am Kapp behalen.

Ech mengen och, dass et ganz kloer deemools 2003 ginn ass, dass déi Regierung probéiert huet, mat alle Mëttelen iwwert d'Distanz ze kommen, dass se mat alle Mëttele probéiert huet, déi Steierreckstänn, déi nach ausstoungen, anzedriewen, fir hire Budget an den Equilibre ze bréngen, dee schlussendlech een Defizit war. An dofir mengen ech och, elo emol ofgesi vun där Affektatioun vun dësem Kont vun 2003, mat där mir d'accord sinn, dass ee vis-à-vis vun deem Kont vun 2003 äusserst kritesch muss sinn.

Ech muss och soen, dass ech perséinlech, wat déi Manéier wéi mer mat deene Saachen ëmginn hei betrëfft, net zefridde sinn. Dat dauert oft a mengen Aen ze vill laang, well mer dee Kont vun 2003 elo am Dezember 2005 kréien. Ech menge mir sollte probéieren, dat och méi schnell ze maachen.

Wéi gesot, mir sinn d'accord mat där Affektatioun, dofir stëmme mer dat hei och. Mir sinn natierlech net d'accord mat deem Budget vun 2003, a wa mä Kolleeg John Castegnaro zu deem Kont vun 2003 schwätzt, wäert hien och nach eng Partie Saachen dozou ze soen hunn.

Ech soen lech Merci.

■ **M. le Président.** - Merci, Hâr Fayot. Nächste Riedner ass den honorabelen Hâr Bausch. Hâr Bausch, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. François Bausch** (*DÉ GRÉNG*). - Hâr President, ech wëll mech net an dee Klengkrich, deem elo ausgebrach ass tëschent de gudden oder manner gudde Gestionnairë vun de Statsfinanzen, amëschen, ech wëll just soen, dass eis Fraktioun – wat iwwregens och net ëmmer de Fall ass – dës Kéier awer d'accord ass mat der Affektatioun vun de Plus-valuen, well se effektiv un zwee Fonge ginn, wou mir mengen, dass et immens Sënn mécht, dass ee se drasetzt.

Engersäits, de Fonds de l'Emploi weinst dem sécherlech usteigende Chômage, dee prognostizéiert gëtt an Zukunft a wou da méi Geld gebraucht gëtt, an natierlech de Fonds des Dettes, dat natierlech och aus deene bekannten Ursachen, déi mer am Kader vun dëse Budgetsdebatten diskutéiert hunn.

■ **M. le Président.** - Merci, Hâr Bausch. Leschte Riedner ass den Hâr Gibéryen. Hâr Gibéryen, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Gast Gibéryen** (*ADR*). - Merci, Hâr President. Och vun eiser Säit Merci un de Rapporteur, den Hâr Lucien Thiel, fir säi Rapport, deem hien hei gemaach huet. Et ass richtig, dass mer dës Kéier wäerte fir d'lescht fir eng länger Zäit hei d'Chance hunn, fir Plus-valuen ze verdeelen. Et war eng Traditioun hei am Parlament ginn, a well et esou eng Traditioun war a well och an där Traditioun Joren derbäi waren, wou d'Plus-valuë wierklech enorm grouss waren, huet et och politesch laang gedauert, bis een et fäerdeg bruecht huet, och finanzpolitesch richtig ëmzedenken, wat eiser Meinung no am Abléck net richtig geschitt ass.

Et ass eng Traditioun gewiescht, an duerfir ass et, wéi et gesot ginn ass, haut quasi en histoiresche Moment. Et kann ee feieren oder et kann een trauern. Ech mengen, dacks wann eppes fir d'lescht ass, da feiert een. Ech géif awer mengen, dass et éischer ubruecht wier, fir ze trauern, well een elo net méi ka Plus-valuë verdeelen, hei an där Héicht dës Kéier nach eng Kéier vun 79 Milliounen Euro, déi mer op déi zwee Konte vum Fonds de l'Emploi a vun der Dette publique verdeelen.

Ech menge wann hei gesot ginn ass, dass dat Plus-valuë vun 2003 sinn, esou muss mer eis awer bewosst sinn, dass d'Joer 2003, wa mer et elo géife reng wirtschaftlech kucken, warscheinlech oder méi wéi sécher en Defizit war. A wa mer konnte Plus-valuen 2003 maachen, dann eben doduerjer, dass mer nach Retarde konnte méi akasséieren, dass mer konnte wierklech vun eise Verwaltungen deen Exercice duerchzéien.

Et ass duerfir schued, dass mer an eiser Kontabilitéit net erausfannen, wat an eise Budgeten op wat fir ee Budgetexercice gehéiert. Mir buche wat erakënnst a wat erausgeet, mä mir buchen net aus wat fir engem Joer dass et erakënnst an aus wat fir engem Joer dass et eraus-

geet. Wann een dat hei gemaach hätt 2003 an et hätt ee wierklech och pro Exercice an enger duebeler Kontabilitéit festgehalten, vu wat fir engen Exercicen dass déi Sue komm wieren, dann hätt een och gesinn, dass een 2003 eleng vun deem Exercice en defizitären Exercice gemaach hätt.

Mir hu gëschter hei bei de Budgetsdebatten, zum Beispill, geschwat vun engem Betrib, deem 300 Milliounen TVA rembourséiert kritt. Dat ass sécherlech d'TVA, déi an deenen dote Jore bezuelt ginn ass, déi awer elo 2004 oder 2005 oder vläicht 2006 – mir hunn dat nach net esou ganz prezis gesot kritt – rembourséiert gëtt, mä déi awer an Exercicer encaisséiert ginn ass, déi am Fong net dū waren, déi elo rembourséiert ginn.

Also wann ee géif wierklech eng Kontabilitéit maachen, wou d'Recetten an d'Dépenses niewent dem Budget och nach eng Kéier géife pro Exercice opgefouert ginn, wat eiser Meinung no wichtig wier, da kéint een och niewent deem normale Kont, dee mer hei och herno stëmmen oder net stëmmen, gesinn, wéi da wierklech d'Resultat pro Exercice wier.

Dofir wiere mir Demandeur. Et ass och schonn an der Finanzkommission doriwwer geschwat ginn, dass ee sollt eis Verwaltungen à même setzen, fir och kënnen eng Kontabilitéit ze maachen, déi sech pro Exercice souwuel op der Recetten-wéi op der Dépensesäit beleeft.

Mir kënnen mat deenen Transferten averstane sinn, déi mer elo hei maachen op déi zwee Konten, wëssend, dass egal op wat fir eng Fonge mer se am Fong elo nach géife setzen, souwisou an zwee Joer d'Fongen, méi oder weiniger, opgeschafft sinn. Dat hei sinn och déi zwee Fongen, déi am Budget, dee mer gëschter gestëmmt hunn, souwisou am Defizit sinn, duerfir ass d'Affektatioun schonn eiser Meinung no och richtig, dass se op déi zwee Fonge gesat ginn.

Ech bréngen och domadder vun eiser Säit, Hâr President, d'Zoustëmmung.

■ **M. le Président.** - Merci, Hâr Gibéryen. Dann huet den Hâr Budgetsminister Luc Frieden d'Wuert.

■ **M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget.** - Hâr President, ech géing gären dem Rapporteur an der Finanzkommission Merci soen. Ech mengen, et ass zimlech alles gesot. Ech stelle fest, esou wéi ech dat och gëschter gemaach hunn, dass dat hei d'Resultat ass vun enger kontinuëierlecher virsichteger Finanzpolitik. Ech soen duerfir och gär dem honorabelen Hâr Grethen, dass een d'Ried, déi d'DP gëschter gehalen huet oder d'lescht Woch, an déi, déi en haut gehalen huet, muss zesummendinn. Well gëschter ass gesot ginn, fir d'Finanzpolitik wär just een zoustänneg, oder zwee, de Finanzminister an de Budgetsminister.

Ech mengen, dass ëmmer eng ganz Regierung – elo wéi deemools – fir d'Resultater zoustänneg ass, dass et ee Kapitän gëtt an där Matière, mä et muss een all Woch dat nämlech soen: Wann dat hei e gutt Resultat ass, dann ass et och d'Resultat vun där Finanzpolitik, déi mer gemaach hunn, esou wéi mer deemools schonn och op déi Schwierigkeiten higewisen hunn. An dat huet näischt mat politeschem Rollespill ze dinn.

Duerfir soen ech och de Kollegee vun der sozialistischer Fraktioun, dass eng Kontinuitéit an enger Politik, wéi déi vun de Finanzen, ass, an dass déi Problemer, déi mer 2003 opgezeecht hunn, effektiv an deem Stabilitéitsprogramm reflektéiert sinn, nämlech dass mer och 2003, trotz dësen Iwwerschëss an der nationaler Kontabilitéit, no Maastricht en Defizit hunn.

Firwat hu mer no Maastricht en Defizit? Dat muss een ëmmer erëm

erklären: Well mer pro Joer méi Suen ausginn, wéi mer an deemselwechte Joer erakréien. Well mer no Maastricht, wat d'Dépenses ubelaangt, och d'Dépenses vun de Fonge kucken. Déi Dépenses 2003, esou wéi 2006, kënnen mer nach largement aus de Reserve bezuelen, mä 2008/2009 wäert dat net méi goen. Duerfir ass d'Problematik 2003 am Fong déiselwecht wéi 2006.

Duerfir hoffen ech, dass och all déi Parteie kënnen souwuel de Kont wéi deem heite Projet, deem am Fong e Préalable ass fir de Kont kënnen richtig ofzeschleissen, stëmmen. Et wär dann, dat politesch Kategoriesdenken géing et net erlabe fir eng Partei, déi deemools net an der Regierung war, d'Konten ze stëmmen. Dat ass héchstwahrscheinlech esou am parteipolitesche Spill, wou awer d'Bierger dobauss meeschtens Schwierigkeiten hunn, fir et ze verstoen. Ech mengen, an ech si frou, dass hei schéngen déi meescht dëse Projet de loi wëlle stëmmen, well hei geet et ëm d'Affektatioun un zwee Fongen.

Fir d'éischt de Fonds pour l'Emploi, dee ganz vill Dépenses huet. Ech hunn an eiser Budgetsried gesot, dass de Fonds pour l'Emploi eleng d'nächst Joer fir voll indemniséiert Chômeuren 140 Milliounen Euro muss ausginn. Duerfir muss ee selbstverständlech och an deenen Diskussiounen, déi mer an deenen nächste Méint féieren, och iwwert d'Ausgabe vun deem Fong kucken – an dat op eng sozial gerecht Aart a Weis – an d'Effikassitéit vun all eenzel Ausgab iwwerpräifen. D'Regierung ass bereet a gewëllt dat ze maachen.

Zum Fonds de la Dette publique géing ech soen, dass ee muss wëssen, dass gëschter hei gesot ginn ass – ech mengen, et war vum Vertrieeder vum ADR –, et wär ganz schlëmm, dass d'nächst Joer de Fonds de la Dette géing an den negative Beräich kommen.

Ech hunn dat de Moien iwwerpräift. Mir sinn dat eenzegt Land an Europa, dat dank eiser virsichteger Finanzpolitik iwwerhaupt e Fonds de la Dette huet! An an deem Sënn ass et normal, dass ee fir d'éischt emol kuckt, dass mer dee Fong, dee mer op d'Säit gesat hunn, fir wa mer an engem Joer méi Ausgaben hunn, fir d'Schold zréckbezuelen, dotéieren, fir dass mer keng esou Ki an den Ausgabe bei der Budgetspolitik kréien.

Duerfir mengen ech, war et gutt, dass mer dee Fonds de la Dette gemaach hunn. Dat wat en d'nächst Joer uweist, ass einfach déi Situation, déi all d'Länner an Europa an an der Welt hunn, nämlech wann ee kee Fonds de la Dette méi huet – wat déi normal Situation ass an deenen anere 24 Länner –, da muss een déi Schold dee Moment duerch den normale Budget rembourséieren, an dat mécht een entweder andeem een déi Suen aus deem Budget hëlt, et hëlt een nei Schold op oder et refinanzéiert een déi.

Mä de Fonds de la Dette, dee mer constituéiert hunn, dee mer hei nach eng Kéier dotéieren, dat war am Fong eng exzeptionell Situation. Mir kommen also vum nächste Joer un an eng méi normal Situation, wéi déi aner Länner, déi iwwerhaupt kee Fonds de la Dette hunn.

Ech mengen et war gutt, dass mer dee viru Jore gemaach hunn. Wa mer nach eng Kéier Plus-valuë kréien, da solle mer déi och erëm an dee Fonds de la Dette ginn, an duerfir hu mer dat och 2003 gemaach. Et war déi richtig Politik, a wéi gesot, ech hoffen a sinn och dovun iwwerzeegt, dass mer an enger Rei vu Joren, wa mer déi strukturell an och déi konjunkturell Pro-

blemer geléist hunn, dann och vläicht erëm eng Kéier Iwwerschëss kréien – Iwwerschëss, wat am Fong méi ass wéi dat, wat mer eis erwaart hunn eranzekréien – an dass mer dann och erëm kënnen fir esou Situatiounen esou Fongen extra dotéieren.

Mir sinn op jidde Fall der Meinung, dass hei eng richtig Affektatioun gemaach gëtt, an ech si frou ze gesinn, dass d'Chamber dat large-mment deelt. Dat ass d'Resultat, wéi gesot, vun enger virsichteger an och zukunftsorientierter Budgets-a Finanzpolitik.

■ **M. le Président.** - Merci, Hâr Minister.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5398 ass eestëm-meg ugehall mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener (par Mme Nancy Arendt), Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, François Maroldt, Paul-Henri Meyers (par M. Marcel Oberweis), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Fernand Diederich), Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz (par M. Romain Schneider);

MM. Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens (par M. Xavier Bettel), Henri Grethen, Paul Helming (par M. Niki Bettendorf), Claude Meisch et Carlo Wagner (par M. Henri Grethen);

MM. Claude Adam (par M. Camille Gira), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Félix Braz), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Henri Kox);

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Gast Gibéryen), Jean-Pierre Koepp (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen elo zum leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut, dass ass de Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2003. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Ageschriwwen sinn: den Hâr Castegnaro, den Hâr Bausch an den Hâr Mehlen. Den Hâr Clement als Rapporteur huet d'Wuert.

(Interruptions)

Madame Flesch, si hu mir lech hei net signaléiert gehat, mä Dir hutt selbstverständlech d'Wuert als Rapporteur.

■ **Mme Colette Flesch** (*DP*). - Jo, Hâr President, ech hätt gärn dem Hâr Clement d'Wuert iwwerlooss.

■ **M. le Président.** - Madame Flesch, d'Kommission huet lech als Rapporteur genannt, maacht elo de Rapport, wann ech gelift.

3. 5350 – Projet de loi portant règlement du compte général de l'exercice 2003

Rapport de la Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes

■ **Mme Colette Flesch** (*DP*), *rapporteuse*. - Merci villmoos, Hâr President, a Merci der Kommission, dass si mer d'Éier gemaach huet, mech als Rapporteur ze be-zeechnen.

Hâr President, dës Chamber diskutéiert ëmmer d'Kont mat engem, zwee, dräi Joer Retard. Et ass awer net oninteressant ze kucken, wat geschitt ass. Ech wëll net op all déi Chifferen agoen, déi an alle schrëftleche Rapporten, sief dat de Rapport général vun der Cour des Comptes, sief et den Avis vum Conseil d'État, sief et de Rapport vun der Commission du Contrôle de l'exécution budgétaire et des Comptes, stinn. Ech mengen, et bréngt näischt, wann een hei an engem mëndleche Rapport ëmmer nach d'Chifferen nennt, déi am Fong jidderee kennt.

Ech wëllt vläicht awer drop hiweisen, dass d'Estimatiounen vun den Dépenses am Budget 2003 am Kont ëm 2,1% dépasséiert sinn an d'Estimatioun vun de Recetten ëm 3,4%; dass e bësse besser wéi 2002 – 2002 waren déi Chifferen 2,4% fir d'Dépenses an 3,7% fir d'Recetten. Och do géing ech soen, dass si warscheinlech Zäiten, déi mer an Zukunft net wäerten, nottamment bei de Recetten, an deem Mooss weiderhin erliewen.

Bei dësem Kont hu souwuel de Conseil d'État wéi och d'Commission parlementaire erëm eng Kéier drop higewisen – an ech mengen, dass ass e Wonsch, deem ëmmer erëm vun deenen zwou Instanzen virbruecht gëtt –, dass ee kéint erwaarden, dass dës Simulations budgétaires méi no un der Realitéit wäeren, wéi dat en définitive sech an de Konten ausdréckt. Duerfir den Appel, souwuel vum Conseil d'État wéi vun der parlamentarescher Kommission, un d'Regierung, dass en Effort soll gemaach ginn, fir d'Previsiounen, souwuel vun de Recettë wéi vun den Dépenses, bei de Budgete méi no un der Realitéit ze halen.

Perséinlech elo, Hâr President, net als Rapporteur, mä a mengem ganz perséinlechen Numm, géing ech drop hiweisen, dass et mir schéngt fir de Budget 2006, deem Appel un d'Vériditéit des chiffres, dee souwuel de Conseil d'État wéi och d'parlamentaresch Kommission bei de Konten 2003 erëm eng Kéier prononciéiert huet, dass dee Match schlecht ugesat schéngt ze sinn, compte tenu vun deenen Debatten, déi mer gëschter hei iwwert de Budget 2006 ofgeschloss hunn.

En effet huet d'Majoritéit – vum Premierminister iwwert de Finanzminister iwwert de President vun der CSV-Fraktioun iwwert de Budgets-rapporteur – ons gebieden, wat mer net gemaach hunn, e virtuelle Budget ze stëmmen, wou ons vu virera gesot gëtt: An der Exekutioun gëtt eppes anescht gemaach. Also den Appel un d'Vériditéit schéngt mer fir 2006 net gehéiert ginn ze sinn.

Dat, Hâr President, ass eng ganz perséinlech Remarque vu mir a mengem perséinlechen Numm an net als Rapporteur, mä ech konnt mech net enthalten, se ze maachen, vu d'Événementen vun de leschten Deeg.

■ **M. le Président.** - Da kommt elo zum Projet zréck, Madame Flesch.

(Interruptions et hilarité)

■ **Une voix.** - Dir fänkt un e bës-sen nervös ze ginn.

■ **M. le Président.** - Neen, ech si guer net nervös.